N°8139
Entrée le 22.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, an der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, op d'parlamentaresch Fro n°8139 vum 10. Juli 2023 vum éierewäerten Deputéierte Sven Clement iwwert "Émission de GES négatives en vue de l'atteinte de l'objectif de la neutralité climatique"**

**1. Kann den Energieminister scho soen, wéi eng privat Acteuren a staatlech Verwaltungen an Departementer an dësem Pôle de Recherche wäerte vertruede sinn?**
**2. Wéi eng Departementer am Ministère sinn zoustänneg, fir d'Moossnahm n°522 vum PNEC ze begleeden an ze realiséieren?**

Den éierewäerten Deputéierten nennt eng konzeptuell Mesure aus der Mise à jour vum nationalen Energie- a Klimaplang (kuerz "PNEC") deen den 21ten Juli am Regierungsrot adoptéiert ginn ass.
Dës Versioun vum PNEC gëtt elo, wéi dat vum europäesche Reglement 2018/1999 virgesinn ass, vun der europäescher Kommissioun analyséiert.
An där Zäit konkretiséieren den Energieminister an d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung zesumme mat hire jeeweilege Servicer déi méi konzeptuell Mesuren aus dem PNEC.
Wa bis eng konkret Propose steet, sinn d'Ministere gäre bereet dës an den zoustännege Chamberkommissiounen ze presentéieren a mat den interesséierten Deputéierten ze diskutéieren.

Een thematesche Grupp zum Sujet vun negativen $CO_2$ Emissioune kéint Acteuren aus folgende Secteure beienee bréngen :

- Betraffe Ministèren a Verwaltungen,
- Lëtzebuergesch Fuerschungsinstituter an eventuell, op Invitatioun, och international Experten,
- Well u Konzepter fir Lëtzebuerg geschafft soll ginn, wier et wichteg Acteuren aus dem Secteur vun den industrielle Prozesser mat inevitabelen $CO_2$ Emissiounen, wéi zum Beispill der Klinkerproduktioun an der Zementindustrie, der Müllverbrennung an der Biomassverbrennung, bei dësem Grupp dobäi ze hunn. Do dernieft kéint et interessant sinn, Acteuren aus der Aviatioun an de Grupp ze invitéieren, well dëse Secteur mëttel- a laangfristeg op mannst zum Deel op nohalteg syntheetesch Kraaftstoffer wäert ugewise sinn.

Wat d'méiglech Gouvernance vu sou engem Grupp ugeet, géingen d'Ministeren op positiv Erfarung opbauen, déi iwwer déi lescht Jore bei änlech konzeptueller Aarbecht opgebaut ginn ass, an sech op bewäerte Strukture stëtzen, wéi zum Beispill iwwer de Programm vun den *National Centres of Excellence in Research (NCER)* beim Fonds National de la Recherche (FNR), oder eng Struktur wéi beim Grupp vun der *Taskforce H2 Luxembourg,* dee sech em d'Ëmsetzung vun der Lëtzebuerger Waasserstoffstrategie këmmert.

Lëtzebuerg, den 22. August 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie